Landjugend-Power-Aktioun 2018

Trotz schlechte Wiederkonditioune mat vill Courage bei der Saach

Den 22. an 23. September 2018 war et nees esou wäit, wou déi 7 regional Landjugendgruppen sech am Kader vun eiser 36-Stonnen-Aktioun op benevoller Basis fir d'Allgemengheet engagéiert hunn. De Projet gëtt vun deenen ausgewielte Gemenge virbereet, mee gëtt bis zum Startschoss, vun de Gemengeverantwortleche geheim gehalen. Wärend der Aktioun realiséieren d'Memberen aus den LLJ-Gruppen dann de preparéierte Projet, fir deen si – wéi den Numm et scho seet – maximal 36 Stonnen Zäit hunn.

D'Gemengen, déi dëst Joer un der Aktioun deelgeholl hunn: Biwer, Dippech, Eschduerf, Feelen, Veianen, Wäiswampech, Wal.

D'Memberen aus de regionalen LLJ-Gruppen, déi sech bereet erkläert haten, fir d'Aktioun 2018 ëmzesetzen, si samschdes moies vollmotivéiert ugetrueden an hunn sech, trotz deene schlechte Wiederkonditioune bis zum Schluss engagéiert. Alles an Allem ass bei deene 7 Gruppen alles gutt iwwer d'Bühn gaangen och wa sonndes dee ville Reen hinnen deelweis e Stréch duerch d'Rechnung gemaach huet. Et ass eenzelne Gruppen deemno näischt aneschters iwwreg bliwwen, wéi hire Projet e puer Deeg drop ofzeschléissen.

Duerch déi onerwaarte Stuermwarnung konnt och déi offiziell Virstellung vun der landeswäiter Aktioun an domat dee representative Projet vun der Landjugend Süden, wou och d'Press sech am Virfeld ugemellt hat, net stattfannen. De Fitness-Parcours vu Betten/Mess gouf deemno nodréiglech de 16.11.2018 ageweit, dat a Präsenz vum Buergermeeschter, dem Fierschter, a ville weidere Gemengevertrieder.

7 regional Landjugendgruppen, fir 7 verschidde Projeten uechter d'Land ze realiséieren

Kraaftakt vun der LLJ Cliärref zu Wäiswampech um Stau

Zu Wäiswampech hunn d'Memberen aus der Landjugend Cliärref eng nei Grillplaz gebaut an d'Sëtzbänke frësch ugestrach. Dem Grupp war et iwwerlooss, fir d'Gréisst vun der Grillplaz ze bestëmmen. Vun de Memberen huet dann de Buedem ausgehuewen a mat enger spezieller Matt ausgeluecht misse ginn. Éier de Pawee geluecht ginn ass, si Steng geschëppt ginn, déi mat enger Vibreuse plattgewalzt goufen. Zum Schluss goufen Dekoratiounsplanze ronderëm d'Grillplaz an de Buedem gesat.

Déi „Maacher" beim Uleeë vun enger Petanque-Pist

Och déi Cliärrefer kënne stolz op d'Aarbecht sinn, déi si am Laf vun der LJ-Power-Aktioun 2018 gemeeschtert hunn

Vill weider Fotoen vum Véronique

Déi Dikricher am Dréchnen an der Unterführung zu Feelen am Asaz

Dat schlecht Wieder war fir déi Dikricher keen Thema. Si kruten d'Aufgab fir kënschtleresch täteg ze ginn an esou zu Feelen an der Unterführung Dekoratiouns- an Usträichaarbechten ze realiséieren. Den Entworf ass an Zesummenaarbecht mat „PATNAT-Design" virbereet ginn. Déi graphesch Duerstellung gouf mat Hëllef vun engem Beamer un d'Mauer projezéiert, fir et de Memberen ze erlaben, an enger éischter Phas d'Konture vum fäerdege Bild ofzezeechnen. Duerno ass dat Ganzt mat vill Detailaarbecht a mat deene festgeluechte Faarwen ausgemoolt ginn.

„No problem" fir d'LLJ Furen zu Veianen

Am Géigesaz zu deenen anere Landjugendgruppe krut d'Landjugend Furen vun de Gemengeverantwortlechen eng éischter liicht Aufgab zougestallt. A kierzester Zäit hunn si deemno 6 Blummekiwwele vun der Gréisst vun 1 x 1 m gezammert. Dës Kiwwele solle spéiderhi fir d'Dekoratioun vun enger neier Plattform an der Gemeng opgestallt ginn.

Och Muskelaarbecht fir déi Maacher zu Biwer

Déi Maacher waren zu Biwer am Asaz, wou si eng Petanque-Pist ugeluecht hunn. Och si hu kräfteg upake missen, fir déi opgetippte Steng- a Sandschichten (1,4 cm Kies, 2,3 cm Splitt, 3,2 cm Sand) mat der Schëpp ze verdeelen, de Niveau ze zéien a mat der Rüttelplack festzewalzen.

Fir d'Ofgrenzung goufe Bamstämm laanscht d'Säite geluecht.

E Fitness-Parcours vun der LLJ Süden zu Betten/Mess, deen sech weise léisst

Bei der Landjugend Süden ass fir d'Awunner e Natur-Fitness-Parcours am Bësch opgeriicht ginn. Um Parcours kënne 6 verschidde sportlech Übunge gemaach an d'Ausdauer/d'Kraaft trainéiert ginn. Dësen neie Fitness-Parcours fënnt een zu Betten/Mess hannert der Cité Haard. Wéi et sech fir en Natur-Fitness-Parcours gehéiert, sinn d'Konstruktiounen aus Holz, déi mat Mulch ënnerluecht gi sinn.

Usträichaarbechte vun der LLJ Uewersauer zu Eschduerf

D'Membere vun der Landjugend Uewersauer hunn eng Rei Ofschläif-, Kärcher- an Usträichaarbechte fir hir Gemeng gemeeschtert an esou e puer Bänken, e Pavillon an eng hëlze Bréck nees fir déi nächst Joren an d'Rei gesat. D'Realisatioune kënnen „A Foumicht" op der Place Robert bewonnert ginn.

E Chalet vun der LLJ Zenter bei der Petanque-Pist an der Gemeng Wal

Well et bei schlechtem Wieder keen Ënnerdaach fir d'Petanque-Spiller gouf, hunn d'Gemengeverantwortlech vu Wal der LLJ Zenter den Optrag ginn, fir en hëlzene Chalet a Form vun engem Sechseck niewent d'Pist ze bauen, déi tëscht Wal a Kéiber ze fannen ass.

D'LLJ Dikrich huet dës Kéier hir kënschtleresch Fäegkeeten an der Unterführung zu Feelen ënner Beweis gestallt

A kierzester Zäit „ Mission accomplie" fir d'LLJ Furen

Eng Aarbecht déi sech weise léisst: D'LLJ Zenter an hirem realiséierte Chalet

Mir soen de Verantwortlechen aus deenen uewegenannte Gemenge fir d'Deelhuelen un der dësjäreger Landjugend-Power-Aktioun e grousse Merci. E weidere ganz grousse Merci geet un eis Memberen, déi trotz deene schlechte Wiederkonditiounen, couragéiert un d'Saach erugaange sinn. BRAVO!!!

Angèle MERSCH
LLJ-Nationalpresidentin